Tess Burton - Presidentin vum Maacher Geschäftsverband

D'Maacher Geschäftsleit wënschen der neier Wäikinnigin "Jessica" vill Succès!

Dëst Joar gëtt um Maacher Drauwen- a Wäifest di 70. Lëtzebuerger Wäikinnigin gekréint.

Dëse ronne Gebuertsdag huet de Geschäftsverband zesumme mam Comité des Fêtes schonn am Juni gefeiert an dat mat eener flotter Ausstellung vun de fréiere Lëtzebuerger Wäikinniginnen an de Geschäfter vun der Foussgängerzon.

D'Maacher Geschäftsleit freeë sech och op dëse Weekend, well d'Maacher Drauwen- a Wäifest ass ëmmer rëm een goud Geleeënheet, fir deene ville Leit, di vun no a wäit op Maacher feiere kommen, iis Muselstiedchen ze presentéieren. Den Zentrum vu Maacher huet vill flott Eeken, kulturell a kulinaresch vill ze béiden an och een Foussgängerzon wou ee goud akafe kann.

D'Maacher Geschäftsleit soen dem Comité des Fêtes mat hirer neier Presidentin Carole Clemens Merci fir hir vill Aarbecht, di si d'ganz Joar leesten, fir dass dëst Fest all Joars erëm zu eem Highlight gëtt.

Der aktueller Wäikinnigin "Sophie" och e grousse Merci fir hiert Engagement mat deem säi, dat ganz Joar iiwwer, iis Wäiner a Crémanten, iis Musel an och speziell iis Muselstiedchen am In- an am Ausland vertrueden huet.

Der neier Wäikinnigin "Jessica" wënsche mir vill Succès an hirem Amt als Lëtzebuerger Wäikinnigin, datt säi mat genausou vill Freed a Begeesterung ewéi hir Virgängerinnen hir nei Funktioun ausübe wäert.

Prost op dat 70. Drauwen- a Wäifest!
Vive di nei Wäikinnigin "Jessica"!

Tess Burton

Presidentin vum Maacher Geschäftsverband